Depot: Fernand Kartheiser

Groupe parlementaire

Lëtzebuerg, de 7. Mäerz 2023

MOTIOUN

D'Chamber vun den Deputéierten:

stellt fest, datt

- virun der Reform vun 2018 d'Formatioun vun de Police-Beamten eng reng theoretesch war; am zweete Joer kruten d'Beamten dunn eng praktesch Ausbildung an der Policeschoul vu forméierten Instrukteren ; desweidere sinn d'Beamten am zweete Joer an de Vakanzen an en Observatiouns-Stage (POP) geschéckt ginn, wou si just konnten observéieren;
- et zënter der Reform vun 2018 esou ass, datt d'Beamten am éischte Joer eng reng theoretesch Ausbildung absolvéiere mat der Ausnam vun Taktik-Coursen ; hei ass et esou, datt d'Polizisten am Hibléck op d'Taktik-Coursen dat, wat si virdrun op zwee Joer geléiert hunn, alles an engem Joer kompriméiert gëtt;
- et zënter der Reform vun 2018 esou ass, datt d'Polizisten am zweete Joer guer keng Course méi vun ausgebilten Instrukteren op der Police-Schoul kréien, mee direkt op e Kommissariat geschéckt ginn – also hire Stage direkt um Terrain maachen (PIP) -, wou sech en Tuteur de stage soll ëm d'Beamte këmmeren;
- den Tuteur de stage ausser senger Basisformatioun, anescht wéi déi speziell dofir ausgebilten Instrukteren, net déi néideg Qualifikatioun besëtz, fir e Stagiaire professionell ze forméieren;
- d'Gefor besteet, datt den Tuteur de stage, besonnesch wann dëse schonn eng gewëssen Zäit bei der Police schafft, de Stagiaire net korrekt uléiert, well den Tuteur de stage deemools an der Police-Schoul aner Inhalter a Praktike geléiert gouf, wéi déi, déi aktuell an der Police vu forméierten Instruktere vermëttelt ginn;
- et an der Praxis Jore kann dauere kann, fir déi Beamten, déi viru Joerzéngten an der Police-Schoul aner Inhalter a Praktike geléiert goufen, wéi déi, déi elo aktuell sinn, nees op den aktuelle Stand vun der Ausbildung ze kréien;
- dëst dozou féiert, datt d'Stagiairen net alleguer déi selwecht, eenheetlech Ausbildung kréien;

ass sech bewosst, datt

- all déi opgezielten Elementer verdäitlechen, datt zënter der Reform vun 2018 e grousse Qualitéitsverloscht bei der Ausbildung festzestellen ass, wat zu engem Verloscht vun der Qualitéit vun der Ausbildung féiert;
- dëst dozou féiert, datt och grad jonk Beamten um Terrain dacks iwwerfuerdert sinn, wat dozou féiert, datt den Déngscht um Bierger vun der Police dacks net méi mat där néideger Professionalitéit ka garantéiert ginn;

fuerdert d'Regierung op,

- d'Formatioun vun de Poliziste vum Ufank bis zum Schluss esou ze reforméieren, datt dee beschriwwene Qualitéitsverloscht nees kann ausgeglach ginn;
- d'Formatioun vun de Polizisten nees op e Niveau ze bréngen, datt den Déngscht um Bierger vun der Police zu all Zäit mat där néideger Professionalitéit ka garantéiert ginn.

ADR – Groupe parlementaire **22, rue de l'Eau L-1449 Luxembourg Tel. : (+ 352) 463742 / Fax 463745**
ADR – Parti politique **20, rue de l'Eau L-1449 Luxembourg**